# ZILER FIR NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

1 KENG AARMUT

2 KEEN HONGER

3 GUTT GESONDHEET A WUELBEFANNEN

4 HÉICHWÄERTEG BILDUNG

5 GLÄICHBERECHTE-GUNG VUN DE GESCHLECHTER

6 PROPPERT WAASSER A SANITÄR

7 BEZUELBAR A PROPPER ENERGIE

8 MËNSCHEWIERDEG AARBECHT A WIERTSCHAFTLECHE WUESSTEM

9 INDUSTRIE, INNOVATIOUN AN INFRASTRUKTUR

10 MANNER ONGLÄICHHEETEN

11 NOHALTEG STIED A GEMENGEN

12 NOHALTEGEN KONSUM A PRODUKTIOUN

13 MOOSSNAMEN FIR DEN KLIMASCHUTZ

14 LIEWEN AM WAASSER

15 LIEWEN U LAND

16 FRIDDEN, GERECHTEGKEET AN WIERKSAM INSTITUTIOUNEN

17 PARTENARIATER FIR D'ERREECHEN VUN DEN ZILER

ZILER FIR NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

www.agenda2030.lu

# WÉI KANN ECH EN DEEL VUN DER LÉISUNG SINN?

1. Spuert Stroum andeem Dir är elektresch Apparater un eng Verlängerung uschléisst an déi komplett aus maacht wann Dir se net braucht, dëst gëlt och fir äre Computer. Benotzt éischter erneierbar Energien.

2. Iesst manner Fleesch, Gefligel a Fësch. Hier Produktioun verbraucht vill méi Ressourcen ewéi déi vum Geméis. Drénkt Waasser vum Krunn an net aus Plastiksfläschen.

3. De Recyclage vu Pabeier, Plastik, Glas an Aluminium reduzéiert de Wuesstem vu Mülldeponien. Kompostéiert: Kompost vun Iessensreschter reduzéiert d´Effete vum Klimawandel a verwäert Nährstoffer. Évitéiert Verpakungen an verklengert ären Offall andeems der verantwortungsbewosst akaaft.

4. Macht är Akeef bei iech an der Géigend. Sou ënnerstëtzt Dir lokal Entreprisen, preservéiert Aarbechtsplazen a vermeit dass Camione vu wäit liwwere mussen.

5. Fuert mam Vëlo, gitt ze Fouss oder benotzt den ëffentlechen Transport. Huelt den Auto nëmme fir iech a grousse Gruppen ze deplacéieren.

6. Paakt är Akeef an eng Tut déi Dir selwer matbréngt. Huelt keng Plastikstuten un a gewinnt iech dru mat ären eegenen Tuten akafen ze goen.

7. Frae kréien 10 bis 30% manner Salaire ewéi Männer fir déi selwecht Aarbecht. Dës Ongläichheet ass nach ëmmer iwwerall verbreet. Ënnerstëtzt a fuerdert de Prinzip selwecht Bezuelung fir déi selwecht Aarbecht .

8. Maacht online Recherchen a kaaft nëmme bei Firme wou Dir wësst, dass se ëmweltfrëndlech an nohalteg schaffen.

9. Sot wat der denkt! Fuerdert, dass lokal an national Autoritéite bei Initiative matmaachen déi weder dem Mënsch nach der Natur schueden.

10. Liken geet net duer, deelt a maacht mat! Wann Dir en interessante Projet kennt, deelt dee fir dass all Interessent dëse kenneléiert, an der Datebank **www.aktioun-nohaltgekeet.lu**

Inspiréiert Iech fir en nohaltegt Liewen zu Lëtzebuerg op

**www.bne.lu/tipps**

**www.agenda2030.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

ZILER FIR NOHALTEG ENTWÉCKLUNG